N° 7406
Entrée le 24.01.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7406 vum 21. Dezember 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Claude Wiseler.**

D'Gesondheetsdirektioun baséiert hir Impfrecommandatiounen op d'Avis'en vum Conseil supérieur des maladies infectieuses (CSMI).

De CSMI huet sech eng weider Kéier den 26. September 2022 mat dem Thema vum Rappel mat engem Omicron-adaptéierten Vaccin beschäftegt[1]. De CSMI huet sech net fir eng systematesch 5. Impfung vun der ganzer Bevëlkerung ausgeschwat. De CSMI seet och kloer dass vulnérabel Leit, déi schonns een zweeten Rappel (d.h. 4. Impfung) mat engem Vaccin monovalent (d.h. ouni Omicron) kruten, sech net direkt eng weider Kéier mat engem Vaccin bivalent (d.h. Omicron-adaptéiert) mussen impfe loossen.

Den Gesondheetsministère recommandéiert ganz staark eng 4. Impfung fir all Leit vun 60 Joer un, a fir Leit vun 12 Joer un, déi vulnérabel sinn duerch eng Virerkrankung, eng Immunodepressioun, eng Schwangerschaft oder déi am Gesondheets- oder Fleegesecteur schaffen.

Leit ënnert 60 Joer (d.h. zwëschen 12 an 59 Joer), ouni Virerkrankung kënnen sech awer och op fräiwëlleger Basis eng 4. Kéier impfen loossen. Am Zweifelsfall soll d'Persoun sech un säin Hausdokter wennen, deen d'Vulnérabilitéit vun der eenzelner Persoun, an de Besoin fir eng weider Impfung, individuell kann bestëmmen.

Lëtzebuerg, den 24. Januar 2023

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert

[1] Recommandation du CSMI concernant une 2ième dose de rappel de vaccin contre la COVID-19 (mise à jour du 26 septembre 2022). Document accessible sur sante.lu